*Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer*

# Ee flotten Tour op Paräis




*En intressante Weekend war fir d'Memberen vun der LLJ – JB&JW ugesot*

Den 21. an 22. November 2009 huet d Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer hir Memberen op en Tour op Paräis invitéiert. Den Départ war fir virum éischten Hunnekreesch ugesot an tatsächlech haten sech all Interesséiert mat Zäiten op deenen zwou Plazen vum Départ afonnt. Ouni Verspeidung konnt et esou a Richtung Paräis goen.

Nach viru Mëtteg ass am Hotel agecheckt ginn. Dono hu mir äis zu Fouss op de Wee duerch déi franséisch Haaptstad gemaach, fir schonn eng Rei vu Monumenter an impressionnante Gebäilechkeeten, ewéi den Eiffeltuerm, d'Ecole Militaire, les Invalides, den Tour Montparnasse,... ze entdecken. Zu Montparnasse hu mir Mëtteg gemaach. Duerno sinn déi Sportlech an déi méi Sportlech verschidde Weeër gaangen. Déi éischt genannten hunn sech Plazen am Sightseeing-Bus reservéiert; déi aner hu weiderhinn hir Féiss ee virun deen anere gestallt. De Bus huet natiirlech all markant Monumenter vun der Stad ofgeklappt, wat et deenen erlaabt huet, déi sech fir dësen Tour décidéiert hunn, fir e gudden Iwwerbléck vun der Stad ze kréien.

Per Pedes ass et allerdings e bësse méi lues duerch de Grousssstad-Dschungel gaangen. Dat war awer dofir net manner intressant. Um Wee laanscht weider bekannte Plazen, wéi de Jardin du Luxembourg, de Quartier Latin bis bei d'Ile de la Cité konnten déi méi Sportlech vill schéi kleng Eckelcher vun der Stad entdecken, déi kee Bus a keng Broschür weisen.

Owes hu mir äis dunn nees all virum Hotel getraff, fir zesummen mam Métro op d'Ile Saint-Louis ze fueren. Hei haten mir äis Plazen an engem Restaurant reservéiert, wou d'Zäit virun 2000 Joer stoe bliwwen ass. Den Numm vum Restaurant Nos ancêtres les Gaulois huet schonn ugedeit, datt hei kee Fënnef-Stäre-Menu mat der Pincette zervéiert gëtt, mee deftege Kascht, dee bäihält. Tatsächlech war de Kader, wéi fréier an de Buergen. De Garçon huet och direkt e grousse Kuerf mat Geméis op all Dësch gestallt an äis gewissen, wou de Buffet mat den Entréeën an d'Faass mam roude Wain stung. Self-Service war ugesot; dat konnt jo nëmme lëschteg ginn. Nodeem scho jiddereen sech de Bauch vollgeschloen hat, gouf nach den Haaptplat zervéiert. Op eemol ass e komesche Gesell mat Guitare opgetaucht, dee mat Sangen ugefaangen huet. Jiddereen am Sall huet sech gefrot, op deen aarme Käerel zwee oder méi Promille intus hat. Wéi och ëmmer, d'Stëmmung war super an no deem villen lessen konnt bal kee méi jiipsen.

Bei verschiddene Leit sinn op eemol d'Aandeckele schwéier ginn an si hunn sech op de Wee a Richtung Hotel gemaach. Aanerer hunn nach deen een oder/an anere Petit Café ofgeklappt an den Dag gemittlech ausklénge gelooss.

Sonndes waren awer déi éischt Verloschter ze verzeechnen. Et ass nämlech net jidderee vum Grupp beim Kaffisdësch opgetaucht. Nu je, e bëssen Verloscht ass ëmmer !?!

Nom Kaffi hu mir vill Trape gesin, well de Wee bis uewen op den Eiffeltuerm ass wäit. Dofir gëtt een awer uewen mat engem immens flotten Ausbléck belount. Mat dësen Andréck hu mir äis dunn a Richtung Champs Elisées gemaach. Hei hu mir um Chrëschtmaart de Rescht vum Nomëtteg verbruecht.

Um halwer sechs hu mir äis all beim Hotel getraff an hu Paräis Äddi gesot.

**Remy Harpes**
*President LLJ*



*Lëtzebuerger Landjugend*

## Landjugend-Kalenner 2010

Nom grousse Succès vum 1. Landjugend-Kalenner läit eng nei sprëtzeg Oplag fir d'Joer 2010 vir. Den neie Kalenner ka bestallt ginn:

um **Tel. 44743 - 252**, iwwer E-mail: **landju@pt.lu**
oder mat Hëllef vum Bestellungsformular,
deen Dir ënner **www.jongbaueren.lu** fannt

Präis pro Kalenner: 20,00 €

No der Iwwerweisung op de CCPL-Kont vun der Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l.

**IBAN LU17 1111 2311 3177 0000**

kritt Dir de Kalenner geschwënn mat der Post heem geschéckt:

Vermierk: **Landjugend-Kalenner 2010**

# 50 Jahre Entwicklungshilfe der Jungbauern und Jungwinzer

50 ans de solidarité avec l'Afrique

1959-2009

50 JOER Entwécklungsaarbecht

LËTZEBUERGER JONGBAUEREN A JONGWËNZER

## *Séance académique*

**e Sonndeg, de 15. November 2009 a Präsenz vu S.A.R dem Grand-Duc Henri**



*Niewent dem Grand-Duc Henri haten sech vill Perséinlechkeeten, Memberen a Sympathisanten vun der ONG fir de Festakt am Mierscher Kulturhaus afonnt*

*Allocution de l'abbé Leo Wagener, Président de l'ONG-D Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération*

# Regards sur 50 ans d'engagement solidaire en Afrique



*Den Deche Leo Wagener, President vun der ONG, wärend senger Allocutioun*

Regards sur 50 ans d'engagement solidaire dans la coopération au développement par les Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs du Grand-duché de Luxembourg, regards en arrière sur les premiers chapitres d'une histoire qui ne cessent de se prolonger et dont nous sommes ici non seulement les spectateurs mais aussi les acteurs...

*Altesse royale,*

c'est un grand honneur pour notre association de pouvoir vous saluer chaleureusement à cette séance académique.

Votre présence souligne une fois de plus le sincère attachement du Chef d'Etat, voire de la famille grand-ducale, à la cause de ceux qui oeuvrent pour un monde plus juste et plus fraternel.

Puis-je me faire l'interprète de cette assemblée pour présenter également à votre épouse, la Grande-duchesse Maria Teresa, dont la renommée dans le domaine de la coopération n'est plus à faire, nos plus vives salutations! Soyez remerciée de votre attention et de votre estime que vous manifestez à l'égard de nos actions de développement.

J'ai également la joie de souhaiter la cordiale bienvenue à la représentante du gouvernement, en l'occurrence Madame la Ministre Marie-Josée Jacobs. Monsieur Romain Schneider, ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du développement rural s'est excusé pour des engagements familiaux.

Je salue notre archevêque, Mgr Fernand Franck, Monsieur Charles Goerens et Monsieur Georges Bach, députés au Parlement européen, Mesdames et Messieurs les députés, Monsieur Albert Henkel, bourgmestre de Mersch et ses confrères d'autres villes et communes, Monsieur Marc Fischbach, Président du Conseil d'administration du Mierscher Kulturhaus, les délégués d'associations-partenaires du Sud et du Nord, les responsables et les membres des Jongbaueren a Jongwënzer et de la Lëtzebuerger Landjugend, et nos bienfaiteurs et amis de longue date.

***Léif Eiregäscht, léif alleguer,***

Wéi de Kehmener Bauerejong Tony Mailliet viru 50 Joer als Volontaire an déi deemoleg Obervolta gaang ass, an do d'Traction asine am Akerbau agefouert huet, konnt hie sech kaum denken, dass hien zu engem vun de Pionéier vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef géif.

No him hunn 19 jonk Männer als Volontairen respektiv Coopérant'en am Opdrag vun de Jongbaueren a Jongwënzer hiren

Know-how a verschiddenen west- an zentralafrikanesche Länner abruecht.

Hiere méi oder manner laangen Asaz am Déngscht vun der afrikanescher Bevölkerung an de bäibehalene Kontakt mat Heiheem, huet vill derzou bäigedroën, dass et zu enger Sensibiliséierung fir d'Entwécklungszesummenaarbecht an der Lëtzebuerger Baurewelt an iwwert si eraus - bis an déi breet Öffentlechkeet koum.

Vun Ufank un stungen Projet'en, déi initiéiert a realiséiert goufen, ënnert dem Motto: „Hilfe zur Selbsthilfe". Dësen Usaz war dee richtegen an ass et bis haut bliwwen.

Vun den éischten behäerzten an dynameschen Initiativen ouni groussen theoretesche Background, bis zu den akribisch ausgeschafften Projetsdossier'en vun haut, déi de Kritären vun dem Cooperatiounsministär gerecht ginn, war et ee laange Wee.

Hie gouf mat Begeeschterung an Ausdauer beschratt vun de jeeweilegen Aumônier'en vun de Jongbaueren: ménge Virgänger, dem Jesuitepater Henri Spoden an dem Chanoine Léon Kirsch. Hie gouf beschratt vun de National- a Gruppeverantwortlech mat hiere Comitéën a Memberen vun den zwee Jugendmouvementer „Jongbaueren a Jongwënzer" an der „Lëtzebuerger Landjugend".

Heirann läit ee Spezifikum vun eiser Entwécklungshëllef. Si ass vun Ufank un gedroë ginn duerch jonk Leit vum Land. Mat vill Fantasie an Asazwëllen hu si zech Aktivitéiten entwéckelt, fir Fongen ze sammelen a fir ëmmer nei Leit fir déi gutt Saach unzespriechen: vum Theaterspillen iwwer Quizowender an Adventsmäert bis zu „Koulotto" an der Organisatioun vun engem „Dag fir d'Kooperatioun". Et kann ee soën, dass d'Solidaritéit mat Afrika zu engem feste Bestanddeel vun eisem verbandleche Schaffen ginn ass. Dozou gehéiert och, dass interesséiert Verbandsmemberen Gruppereesen an Afrika maachen, fir sech op der Plaz mat der Lieweswierklechkeet vun de Partnerauserneenzesetzen, d'Emsetzung vum Projet ze observéieren an d'Schwieregketen a Chancen vun der Entwécklungszesummenaarbecht um Terrain matzekréien. Eng etlech vun hinnen hunn duerno nach méi een enken Bezog zu der Entwécklungshëllef kritt a goufen an engem gewësse Sënn zu Ambassadeuren vun Afrika zu Lëtzebuerg.

Eng weider Eegenart vun eiser Hëllef ass hir duerchgehalen geographesch Cibléierung op déi francophone afrikanesch Länner südlech vun der Sahelzon an d'Konzentréirung op der bäuerlecher Landbevölkerung als Bénéficairen vun de Projet'en.

## Commémoration d'un double anniversaire

Depuis 25 ans, notre aide au développement, dont je viens d'esquisser quelques caractéristiques, se fait au sein d'une Organisation Non-Gouvernementale agréée par le Ministère des Affaires étrangères. C'est donc un double anniversaire que nous commémorons aujourd'hui.

Le désir subjectif d'aider des populations pauvres doit trouver son pendant indispensable dans une démarche réfléchie et objective moyennant les outils d'identification, de réalisation et de suivi des projets retenus.

Pour répondre aux exigences en matière d'aide au développement, les membres de notre Conseil d'administration suivent des formations et sont tous directement impliqués dans le déroulement des projets en question. Notre équipe de 14 membres est relativement jeune, porteuse de compétences diverses et engagée. Qu'il me soit permis de la féliciter chaleureusement pour son dévouement bénévole!

Bien que nos efforts de développement se soient déployés dans sept pays différents, nous avons volontairement opté pour un nombre restreint de projets à réaliser simultanément.

Ceci pour garantir un suivi approfondi auquel nos nombreux donateurs ont droit, mais aussi pour permettre aux jeunes de nos 7 groupes régionaux de s'identifier avec notre travail.

*Altesse royale, chers invités,*

La morphologie du mot «coopération» est révélatrice dans le sens où elle nous dit que les bailleurs de fonds du Nord et les ONG-partenaires du Sud collaborent communément au développement des pays et des populations pauvres. Il s'agit donc d'un véritable partenariat qui - avouons-le - demande des



*Den Här Tony Mailliet, deen zu de Pionéier vun der Lëtzebuerger Entwécklungsaarbecht gezielt ka ginn, am Gepréich mam Staatschef*



*Eng wichteg Etape während eiser 50jähreger Tätegkeet huet d'Zesummenaarbecht mat de Soeurs de Sainte-Marie de Namur am Intressi vun de lokaler Bevölkerung am Cameroun, am Congo an am Rwanda duergestallt. Si wore vertrueden duerch d'Schwësteren Marie Romain Maubille a Claude Collignon, déi selwer joerelaang an dëse Länner gewierkt hunn*

efforts des deux parties, mais qui permet aussi un enrichissement réciproque.

Je me réjouis avec gratitude de la présence des Sœurs de Sainte Marie de Namur et du Président par interim de l'Association Les Mains Unies du Sahel, Monsieur Christophe Yaméogo et du Directeur du *Centre pour l'Amélioration et le Perfectionnement de la Traction asine* à Imasgo au Burkina Faso, Monsieur Alfred Ouédraogo. Nous n'avions pas pu fêter sans vous. En effet, comment célébrer 50 ans de solidarité avec l'Afrique si l'Afrique manquait! Vous représentez - chacun à sa manière - le large éventail de nos partenariats dans le passé. Ceux-ci se sont établis aussi bien avec des congrégations de religieux et de religieuses qu'avec des associations laïques. Puisque la misère ne fait pas de distinction entre ethnies et croyances, notre aide ne devra pas non plus le faire. Osons ensemble continuer notre lutte pour un avenir prometteur des pays en développement et de leurs citoyens!

***Merci***

Et sief mer erlaabt, nach e puer Merciën auszespriechen un d'Adress vun all deenen, déi eis Entwécklungsaarbecht an der Vergaangenheet erméiglecht hunn an och weiderhin matdroën:

Nieft deenen, déi ech scho genannt hunn, sinn de Landwirtschafts- an de Kooperatiounsministère ze ernimmen. E grousse Merci gëlt och dem Erzbistum fir d'Bereetstellung vun engem Permanent an deem selwer. Merci Franz a Madame Kickert fir Aer vill Aarbecht um Bureau.

Et ass mer een Uleies, dem Organisatiounscomité fir seng ganzjähreg Méi bei der Emsetzung vun engem flotten Jubiläumsprogramm mäin déiwe Merci auszespriechen.

Wa mir herno mat guddem Gewëssen kënnen e Patt drénken an e Maufel iessen, da verdanke mir dat eise villen Sponsoren an Donateuren, déi et äis erméiglecht hunn d'Feierlechkeeten ze finanzéieren, ouni Réckgrëff op och nëmmen een Cent Spendegelder fir d'Projet'en. Am Conträr: mat e bësse Chance léisst den Anniversaireskont nach eppes iwwreg fir eis Entwécklungshëllef.

Merci allen treien privaten an öffentlechen Ennerstëtzer vun eiser ONG an de Riednerinnen a Riedner, déi no mir nach wäerten un dëst Pult trieden. Merci eiser Vize-presidentin, der Madame Fernande Wolter-Hilgert, déi äis no der zweeter Partie vun eisem DVD-Documentaire duerch de Programm vun däser Séance académique leede wäert.

*Altesse royale, Mgr l'archevêque, Mesdames, Messieurs,*

J'aimerais conclure avec une phrase d'un évêque africain prononcée à l'occasion du récent synode à Rome: «L'Afrique s'en sortira avec les Africains!» Que cette confiance motive nos actions présentes et futures!

Je vous remercie de votre attention.

*Allocution de Monsieur Jean Christophe YAMEOGO, Président pi de l'Association les Mains Unies du Sahel, Burkina Faso,*

# Vive la coopération entre les peuples du monde!



*Monsieur Jean-Christophe Yaméogo, Président p.i. de l'association partenaire AMUS*

*Altesse Royale,*
*Monseigneur l'archevêque du Luxembourg,*
*Mesdames et Messieurs les Ministres,*
*Messieurs les Députés,*
*Monsieur le Président de l'Association des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs du Luxembourg,*

*Honorables invités, Mesdames et Messieurs;*

Avant tout propos, je voudrais dire le grand honneur qui m'échoit aujourd'hui à prendre la parole au nom des pays africains bénéficiaires pour la coopération avec l'association *des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs* et pour rendre un hommage appuyé au gouvernement du Luxembourg pour sa constante sollicitude à l'endroit de tous les pays pauvres de notre continent. L'appui du Ministère luxembourgeois de la coopération a permis à de nombreuses institutions de s'investir chaque jour pour aider nos populations pauvres à faire face à toutes sortes d'adversités afin de sortir du cercle vicieux de la misère.

Au Burkina Faso plus de 46% des populations, qui vivent en dessous du seuil de pauvreté, soit avec moins de 1$ par jour, souffrent encore davantage de l'accentuation des effets nuisibles des phénomènes naturelles comme les changements climatiques, la dégradation accélérée des ressources naturelles, la sécheresse, les inondations, etc.

L'épanouissement des paysans de notre pays est également handicapé par leur faible capacité de production. En effet près de 80% des agriculteurs n'ont pour seuls équipements que la daba et la pioche, utilisés pour tous les travaux agricoles. De plus, ils ont une faible connaissance des techniques modernes de production et ont des limites importantes en matière d'organisation associative. Toutes ces insuffisances conjuguées avec les facteurs naturelles négatifs cités plus haut, expliquent l'insécurité alimentaire et la pauvreté dans lesquelles végètent les populations de notre pays.

C'est dans ce contexte combien difficile que l'association *des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs* s'est engagée à soutenir et à accompagner les communautés dans leur lutte quotidienne contre la pauvreté.

*Altesse Royale,*
*Honorables invités,*
*Mesdames et Messieurs,*

Au Burkina Faso, l'association *des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs a engagé avec l'Association les Mains Unies du Sahel* depuis 2007, la mise en œuvre d'un programme ambitieux et pertinent, visant à la fois, l'accroissement de la productivité et le renforcement des capacités de production agricole des paysans pauvres. Ce programme, qui s'appuie sur les potentialités et les réalités sociales internes, centre son action sur l'utilisation de l'âne comme un tremplin économique à valoriser à court terme.

Animal bien connu du milieu, mais mal utilisé, les nombreux services rendus par l'âne aujourd'hui ne peuvent permettre aucune amélioration des conditions de vie des populations. L'action salutaire déclenchée avec le soutien de l'association *des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs* a consisté à la mise en place d'un Centre Technique d'Amélioration de la culture attelée Asine (CTAA). Ce centre a pour mission de renforcer les compétences des paysans et des paysannes dans l'utilisation de la culture attelée asine et dans la maîtrise des techniques d'élevage de l'âne.

Aujourd'hui, ce Centre, qui n'est pas encore officiellement inauguré est cependant opérationnel et les premiers stagiaires sont en formation. Plus de 1600 producteurs seront formés par ce centre et seront des relais crédibles pour la vulgarisation des bonnes pratiques

dans leurs villages. Tout en créant des emplois, ce programme permettra, en 5 ans, de renforcer la sécurité alimentaire des ménages et d'améliorer les revenus des populations surtout des femmes qui constituent la tranche la plus importante au plan numérique.

Il convient de préciser que ce programme s'inscrit parfaitement dans la politique nationale du gouvernement du Burkina Faso en matière de lutte contre la pauvreté. C'est pourquoi le gouverneur, représentant le pouvoir central dans la région du centre ouest, où se déroule ce programme, est très attentif à la conduite des activités et apporte constamment son encouragement à tous les acteurs concernés pour la réussite du programme du centre.

Par ailleurs, il est important de signaler que dans le cadre de la coopération entre le Lycée YADEGA de Ouahigouya au Burkina Faso et le Lycée Technique Agricole d'Ettelbruck du Luxemburg, avec l'appui de l'association des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs l'installation d'un système de production de bio-méthanisation a été rendu possible. Cette action vise à réduire l'utilisation du bois de chauffe et par conséquent à contribuer à la réduction de la coupe abusive du bois favorable à la désertification.

*Altesse Royale,*
*Honorables invités,*
*Mesdames et Messieurs,*

Comme on peut le constater, toutes les actions bénéficiant du soutien et de l'accompagnement de l'association *des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs* du Grand-Duché de Luxembourg sont orientées vers la formation des populations, c'est à dire vers le renforcement des qualités professionnelles des ressources humaines. Comme dit l'adage, il vaut mieux apprendre une personne à pêcher que de lui donner du poisson. Cette association nous apprend à pêcher et nous disons qu'elle a parfaitement raison.

Cette approche de coopération exemplaire conduite par l'association des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs est à l'image de la coopération bilatérale développée par les plus hautes autorités du Luxembourg. Au Burkina Faso comme dans les autres pays africains, nos gouvernements bénéficient de cette coopération fructueuse. Nous nous permettons du haut de cette tribune de remercier le gouvernement du Luxembourg pour la qualité de cette coopération. Nous profitons de cette occasion pour inviter Madame la Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire du Luxembourg à l'inauguration de notre *Centre Technique d'Amélioration de la culture attelée Asine*, prévue pour la première semaine du mois de mars 2010.

Le Burkina Faso a été particulièrement sensible au soutien moral et financier important apporté par le Luxembourg lors des grandes inondations exceptionnelles intervenues dans notre capitale Ouagadougou le 1er septembre 2009. Nous disons merci au Gouvernement du Luxembourg en attendant que des voix plus autorisées le disent encore plus haut.



*Lors du vin d'honneur d.g.à.d: M. Marcel Scheidweiler, Project-Manager, M. Jean-Christophe Yaméogo, Président p.i. d'AMUS, M. le Curé-doyen Léon Kirsch, prédécesseur de l'actuel Président de notre ONG, M. Alfred Ouédraogo, Directeur du Projet de coopération CTAA au Burkina Faso*

Je voudrais avant de terminer, saluer encore une fois, l'action de l'association *des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs* et leur dire, au nom de tous les pays africains bénéficiaires de leur appui, toute notre reconnaissance, notre disponibilité et notre détermination à travailler dans le sens d'assurer un succès éclatant à notre coopération. Notre souhait est qu'elle soit toujours plus forte et plus exemplaire.

Enfin, nous ne pouvons pas oublier les nombreux Luxembourgeoises et Luxembourgeois qui, dans l'anonymat, apportent des contributions multiples et multiformes pour permettre la réalisation des actions d'amélioration des conditions de vie des populations africaines.

Vive la coopération entre le Grand-Duché de Luxembourg et les pays africains ;

Vive la coopération entre l'association *des Jeunes Agriculteurs et Viticulteurs du Grand-Duché de Luxembourg* et les institutions et ONG africaines ;

Vive la coopération entre les peuples du monde!

Je vous remercie pour votre attention.

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer - Service Coopération a.s.b.l.*

## Ënnerstëtzung vun eise Kooperatiounsprojeten



*Am Kader vun der Chrëschtfeier, op déi d'**Kommissioun vun de Senioren a vum Handicap vun der Gemeng Mantarnach**, den 20. Dezember 2009 an de Centre Beaurepaire op Berbuerg agelueden hat, hunn d'Responsabel vun der Kommission der Vizepresidentin vun eiser ONG, der Mme Marie-Claude Dornseiffer-Marx, en Don vun 1.125 € iwwerreecht. Dës Zomm ass bei der Quête zesummekomm, déi während der sympathescher Feier fir de Kooperatiounsprojet Centre technique de l'amélioration de la traction asine zu Imasgo am Burkina Faso gemaach ginn ass.*

*Bei Geleeënheet vun hirer Gëllen Hochzäit hunn den Här an d'Madame **Vosman-Van Visteren** vun Tënten der ONG e generéisen Don fir hir Aarbecht am Déngscht vun der ländlecher Bevölkerung an Afrika zoukomme geloos.*

*Der Familljen vum Verstuerwenen Här **Pierre Arend** vun Heesdref/Cliärref dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG säi chrëschtlecht Bäileed aus. D'Familljen hunn duerch hiere generéisen Don an hierer Trauer en Zeeche vun Hoffnung fir mannerbemëttelt Bauerefamilljen am Burkina Faso an Afrika gesat.*

***De Verwaltungsrot vun der ONG seet hinnen all ee ganz grousse Merci!***